NUETSRALLYE

9. Januar 2027
zu Nidderkuer



Départ vun 19:00 bis 20:00 Auer
zu Nidderkuer an der Bouweschoul

Equipen vun 3 bis 6 Leit

Präis: 25€ pro Ekipp

Präisser fir di 3 beschtc Ekippen
(direkt deen Owend)

Fir gudd Stëmmung, Gefréiss an Gedrénks ass beschtens gesuergt

!!! Täscheluucht net vergièssen !!!

Wéi kann ech mech umellen?

➜ Per email op

lln_nuetsrally@hotmail.com

Wat gët gebraucht fir d'Umeldung?

➜ Numm vun der Equipe

➜ Numm, Emailsadresse an Telefonsnummer vun enger Kontaktpersoun

Weider Informatiounen stin an eise
"NUETSRALLYE – REEGELEN & BEDÉNGUNGEN"

DC SYSTEMES DE SECURITE
IMPRIMERIE OLIBONI NIEDERKORN
SITA SOFTWARE
FABER TRANSPORTS ET DEMENAGEMENTS
ACCURA FIDUCIAIRE
il Michelangelo RISTORANTE - PIZZERIA
tracol IMMOBILIER
Mark Gymnastik Asp
BRASSERIE SCHRÄINEREI
binsfeld GARAGE
IRIS agence immobilière
Crèche Bei de Wiermercher

NUETSRALLYE – REEGELEN & BEDÉNGUNGEN

1. Deelnam op eege Verantwortung

D'Deelnam um Nuetsrallye geschitt op eege Gefor an eege Verantwortung. All Participant ass fir seng eege Sécherheet verantwortlech. Den Organisateur iwwerhëlt am gesetzlech zoulässege Kader keng Haftung fir Accidenter, Verletzungen, Schied oder Verloschter.

2. Anhale vun de Verkéiersreegelen

Déi gülteg Verkéiersreegelen (*Code de la Route*) musse wärend der ganzer Veranstaltung agehale ginn.

3. Respekt virun der Natur an der Ëmwelt

D'Natur muss respektéiert a propper gehale ginn. Et ass streng verbueden, Offall an der Natur ewechzegeheien oder leien ze loossen (*Littering*). Op de verschiddene Poste stinn Dreckstuten zur Verfügung.

4. Respektéiere vun de Beschëlderungen an Installatiounen

All Wegweiser, Markéierungen, Schëlder an aner Installatioune musse respektéiert ginn a genee esou gelooss ginn, wéi se virfonnt goufen. All Beschiedegung, Ewechhuelen oder Manipulatioun féiert zum direkten Ausschloss vun der Veranstaltung.

5. Zäitlimitt a Punkteverloscht

Fir all Etapp gëtt et e festgeluechten Zäitlimitt. Wann dësen iwwerschratt gëtt, ginn entspriechend Punkten ofgezunn.

6. Mindestalter

De Mindestalter fir un der Nuetsrallye deelzehuelen ass 12 Joer.

7. Participatiounskäschten

D'Participatiounskäschte belafe sech op 25 € a musse virum Start bezuelt sinn. Dës Käschte ginn am Normalfall net zeréckbezuelt, ausser am Fall vun enger Annulatioun, wéi am Punkt 9 beschriwwen.

8. Bezuelung

D'Participatiounskäschte vu 25 € mussen op follgende Kont iwwerwise ginn:

Kontoinhaber: Soc. Gym. La Liberté Niederkorn
Bank: BCEE
IBAN: LU29 0019 6200 0751 4000

Wichteg: Gitt bei der Iwwerweisung onbedéngt den Numm vun Ärem Team als Referenz un, fir datt d'Bezuelung richteg zougeuerdent ka ginn.

9. Annulatioun wéinst schlechtem Wieder

Den Organisateur behält sech d'Recht vir, den Nuetsrallye bei offiziellen Onwiederwarnunge vu MeteoLux aus Sécherheetsgrënn kuerzfristeg ofzesoen. An dësem Fall ginn déi scho bezuelte Participatiounskäschte vollstänneg zeréckbezuelt.

Mat der Deelnam un der Nuetsrallye erkläre sech all Participanten mat dëse Reegelen an Bedéngungen averstanen.

Mir wënschen allen Ekippe vill Spaass, Erfolleg a virun allem e séchere Nuetsrallye!